

ech denken, dass mer och do zu engem ordentleche Resultat kommen.

Mir kënne selbstverständlech net all déi Demanden unhuelen, déi do gestallt ginn. Et brauch een e gewëssene Prozentsaz vun diploméiertem a qualifiziertem Personal. Mir sinn do op 50 %. Et kann een net 20 kleng Kanner beieneen an en eenzege Sall leeën, déi matenee brëllen a matenee jäizen. Dat geet net. Dat kënne mer net maachen, och wann d'Leit dat gärén hätten. Dat ass einfach eppes, wat net realistesch ass.

Ech weess net richtig, wéi dat ass mat de Kompetenzen, wouzou den Här Deputéierte Jacques-Yves Henckes dee Projet de règlement grand-ducal geschriwwen huet. Dat schéngt mer e frëndleche Geste ze sinn, awer en onüblechen. Ech hu relativ grouse Respekt virun de Kompetenze vun deenen engen an deenen aneren, an dofir kann ech mir schlecht virstellen, dass ech géif de Crèchen dee Règlement grand-ducal vum Här Henckes, deen ech nach net d'Geleeënheet hat, selwer ze kucken, zoukomme loossen. Dat géif sécher zu grouse Konfusioun féieren. Dofir géif ech lech, Här President, d'Lëscht mat all de privaten an öffentleche Strukture ginn. Wann den Här Henckes deene Leit déi wëllt schécken, dann huet en domat d'Geleeënheet, fir dat ze maachen.

Merci, Här President.

M. le Président.- Här Henckes, wëllt Dir nach eng Kéier d'Wuert?

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Jo, Här President.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Mme Ministerin, ech stelle fest, wann ech déi Zuele richtig verstanen hunn, dass mer 183 Demandé kritt hunn, dass der bis elo 49 traitéiert konnte ginn, esou dass der nach iwwer 130 zur Debatt stinn. Ech wënschen lech eng gutt Hand, dass Dir an deene leschte sechs Méint vun dësem Joer nach all dës Demandé kënnt duerchzéien, mä ech gleewen net drun.

Wou ech mat lech d'accord sinn, dat ass, dass mer musse kucken, fir déi öffentlech-rechtlech, déi subventionéiert grad wéi déi privat-rechtlech Crèchen derzou ze bréngen, dass se eng ordentlech Comptabilitéit hunn, dass een doropshi ka Kontrolle maachen. Dofir hunn ech an deem Règlement grand-ducal virgesinn, dass se sollten alleguer darselwechter Form vu Kontabilitéit ënnerwerf ginn, esou wéi dat fir d'Commerçanten de Fall ass. An deem Sënn hat ech et geduecht, a wa si net nuren en Agrément vun lech kréien, mä och d'Obligationen hu vum Commerçant, da si se bien entendu verpflichtet, fir eng Kontabilitéit ze halen an hir Gestoun korrekt ze maachen, wat de Plan comptable ugeet. Et war meng Iddi, fir am

selwechte Sënn wéi Dir ze handeln, well et wierklech noutwendeg ass.

Wat ech e bësse bedauern, dat ass, dass een hei net konnt, mangels Zäit, op de Fong vum Règlement agoen. Do gëtt et eng etlech Absurditéiten. Et kann een et net anescht nennen. Ech géif lech wierklech bieten, Mme Minister, dass Dir am Laf vun de Méint dee Comité de coordination nach eng Kéier zesumme rufft an do versicht, fir en Accord ze fannen. Ech wäert lech op deem Gebitt am A hunn, a wann et net zu engem Accord kënnt, da kënnt Der sécher sinn, dass ech nach wäert nohaken, fir dass mer zu engem positive Resultat fir jidderee kënne kommen.

M. le Président.- Mme Minister, wëllt Der d'Wuert nach eng Kéier?

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Här President, vu dass den Här Henckes mech just am A behält a keng weider Fro gestallt huet, brauch ech näischt Weideres derzou ze soen.

M. le Président.- Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4707. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Mme Err, d'Mme Nagel, den Här Colombero an d'Mme Wagener.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

5. Projet de loi 4707 relatif à la charge de la preuve dans les cas de discrimination fondée sur le sexe

Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- An eisem zivile Rechtssystem muss deen, deen eng Klo virbréngt oder eng Demande mécht, de Riichter vun der Richtigkeit an der Pertinenz vu senger Prétentionen an Argumenter iwwerzeegen. Eis Gesetzgebung gesäit awer Aménagement vum der Bewäislaascht a verschidene Situatiounen vir. Dat wäert och de Fall bei dësem Projet sinn, deen esou en Aménagement bei enger bestëmmter Kategorie vun Diskriminéierung virgesäit.

Dëse Projet de loi ass d'minimal an a senger wichtegsten Dispositionen eng wuertwärtlech Émsetzung vun der Direktiv 97/80 vum 15. Dezember 1997. Dës Direktiv iwwerhëlt sengersäits déi an dëser Matière applicabel Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff. Et wier net ubruecht, elo dësem Projet virze werfen, e wär onnéideg oder géif géint eise Rechtssystem verstoussen. Mir hunn d'Verpflichtung, eng Direktiv ëmzesetzen. Souwisou huet d'Direktiv 97/80 - oder villméi déi normativ Bestëmmungen, déi se enthält - eng gewëss Rechtswirkung. Dës direkt Rechtswirkung stëtzt sech éischters op den Text vun

der d'Direktiv selwer an zweetens op d'Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff.

Ech wëll elo hei net op eng länger Diskussioun iwwert den „effet direct“ vun der Direktiv agoen, dat heescht datt d'Direktiv, och ouni an d'nationaalt Recht ëmgesat ze ginn, vun de Geriichter an anere staatlechen Autoritéiten ugewannt muss ginn. Fakt ass awer, datt d'Direktiv 97/80 spëtstens bis den 1. Januar 2001 hätt sollen ëmgesat ginn. D'Bestëmmunge vun där Direktiv iwwert den Aménagement vun der Bewäislaascht kéinte vum europäesche Geriichtshaff als genügend prezis an onbedéngt ugesi ginn, fir hinnen ouni national Ëmsetzung eng Rechtswirkung unzeerkennen. D'Rechtswirkung vun de Bestëmmunge vun der Direktiv berouen och - an dat scho säit enger ganzer Partie vu Joren - op der Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff.

D'europäescht Recht ass en integréierten Deel vun eisem Recht. D'Lëtzebuerger Autoritéiten hu sech dem Europarecht ze fügen, an zu deem Europarecht gehéiert d'Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff, deem eleng zoustänneg ass, fir eng authentesch Interpretatioun vum Europarecht ze maachen.

An déser Matière huet den europäesche Geriichtshaff Stellung geholl, souwuel wat d'Notioun vun der Discrimination fondée sur le sexe wéi och wat d'Bewäislaascht ugeet. Och ouni Direktiv an ouni dëse Projet de loi wäeren déi Mechanismen applicabel. All déi, déi nëmmen eng national orientéiert Rechtsopfaassung verteidegen, verkennen, datt d'Europarecht natierlech an onbedéngt mam nationale Recht verschmëlzt. Ech wäert mäi mëndleche Rapport ronderëm dräi Froe strukturéieren:

1. Wat ass eng Discrimination fondée sur le sexe?
2. Wat ass den Uwendungsberäich vun dësem Gesetzesprojet?
3. Wéi gesäit den Aménagement vun der Bewäislaascht aus?

Wat ass eng Discrimination fondée sur le sexe? Dei Fro gëtt vum Artikel 1 vum Gesetzesprojet beäntwert. Den Artikel 1 ass d'wuertwärtlech Ëmsetzung vum Artikel 2 vun der europäescher Direktiv. Wéi scho gesot riicht déi Definitioun sech un d'Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff. Eng Diskriminatioun läit da vir, wann identesch Situatiounen net gläich behandelt oder verschidde Situatioune gläich behandelt ginn.

Et gëtt zwou Forme vun Diskriminatiounen:

- déi direkt Diskriminatioun, an
- déi indirekt Diskriminatioun.

Eng direkt Discrimination fondée sur le sexe ass einfach ze ëmschreiwen: z. B. wann e Virdeel nëmmen de Männer oder de Fraen, well se Männer

oder Frae sinn, obwuel hir aner Situatioun absolut identesch ass, reservéiert gëtt.

Eng indirekt Diskriminatioun ass méi eng subtil Affär. D'Definitioun vun enger indirekter Diskriminatioun ass am Artikel 1.52 vum Projet festgehalen. Eng indirekt Diskriminatioun gëtt et, wann eng Bestëmmung oder Praxis zwar op engem neutrale Kritär berout, d. h. op engem Kritär, deem net d'Geschlecht vun de betraffene Persounen a Considératioun hält, awer de facto eng vill méi grouss Proportioun vu Persounen vun engem Geschlecht betrëfft, et sief - mä dorop kommen ech nach méi spët zrëck - datt dës Bestëmmung oder Praxis duerch en objektiven, dem Geschlecht vun de betraffene Persounen onofhängege Facteur rechtfertegt ka ginn.

Dat ass déiselwecht Definitioun, déi den europäesche Geriichtshaff an e sëllegen Affäre ginn huet. Ech wëllt just ervirsträichen, datt am Gesetzesprojet op eng „proportion nettement plus élevée“ verwise gëtt an den europäesche Geriichtshaff vun engem „pourcentage considérablement“ oder „beaucoup plus élevé“ schwätzt.

D'Termen „nettement“, „considérablement“ oder „beaucoup“ sinn hei gläichzesetzen. Ech wäert nach op den Ënnerschied, dee keen ass, tëscht Proportion, wéi et am Gesetzesprojet steet, a Pourcentage, wéi et an der Jurisprudenz heescht, zrëckkommen. Ech wëllt awer fir d'éischt zwee Beispiller vun Discrimination indirecte fondée sur le sexe aus der Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff ginn.

Sou ass an enger Affär, déi de 27. Juni 1990 gesprach ginn ass, festgehalen ginn, datt eng Discrimination indirecte virläit, wann e Kollektivvertrag Employéen „à temps partiel“ vun enger Indemnitéit ausschléisst - an ech zitieren den europäesche Geriichtshaff - „lorsqu'il s'avère qu'en fait un pourcentage considérablement plus faible d'hommes que de femmes travaille à temps partiel“.

Den europäesche Geriichtshaff huet och an enger Affär vum 9. September 1999 gemengt, datt den Ausschluss, an engem Kollektivvertrag, vum Benefiss vun enger Prim, wann d'Employée manner wéi 15 Stonnen d'Woch schaffen an hiert Gehalt ënner engem gewëssene Minimum läit, eng Discrimination indirecte kéint duerstellen, wann doduerch de facto e vill méi grouss Prozentsaz vu Frae wéi Männer ausgeschlossen gëtt.

Ech wëllt elo e puer Observatiounen zu där Definitioun maachen.

Et ass un den Autoritéiten, déi eng Klo ze schlichten hunn, erauszefannen, op Grond vun de Beweiser, déi hinne virleien, ob eng „proportion nettement plus élevée“ Frae wéi Männer oder Männer wéi Frae beträff ass. Dat hänkt vu Fall zu Fall of. A sengem Uerteel vum 9. Februar 1999 huet den europäesche

Geriichtshaff festgehalten, datt eng an engem englesche Gesetz festgeluegte Bedingung vu 77 % Männer an 68 % Frae géif erfëllt ginn, wat net, sou den europäesche Geriichtshaff, zu engem erheblechen Ennerscheed géif féieren.

Wéi stellt een déi „proportion nettement plus élevée“ fest, fir zu enger Discrimination indirecte ze kommen? Verweise mer erëm eng Kéier op d'Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff.

An deem Uerteel vum 9. Februar 1999 schreift den europäesche Geriichtshaff: „Le juge national doit vérifier si les données statistiques disponibles indiquent qu'un pourcentage considérablement plus faible de travailleurs féminins que de travailleurs masculins est en mesure de remplir la condition imposée“. Et soll een also op sécher Statistike verweisen, fir zur Schlussfolgerung ze kommen, datt eng Discrimination indirecte virläit. Dofir ass et egal, ob d'Wuert Proportion geholl gëtt oder ob ee vu Pourcentage schwätzt. D'Termes de comparaison sinn ëmmer d'Leit, déi vun der Mesure betraff oder susceptibel sinn, fir an de Genoss vun där Mesure ze kommen.

Meng zweet Remarque bezitt sech op d'éventuell Rechtfertegungen, déi virbruecht kënne ginn. An der Definitioun vun der Discrimination indirecte steet geschriwwen, datt keng sou eng Diskriminatioun virläit, wann objektiv Facteuren, déi sech net op d'Geschlecht vun de betraffene Persounen bezéien, déi Mesure oder Praxis rechtfertige kënnen an dës Mesure oder Praxis hirem Ziel ugepasst ass. Wann dës zwou Bedingungen erfëllt sinn, schwätzt een net vun Discrimination indirecte oder am Generelle vun Diskriminatioun, mä vun Différence de traitement. Déi éischt Situatioun ass verbueden, déi zweet ass et net.

Fir ze vermeiden, datt eng Différence de traitement zu enger Diskriminatioun ausschléit, mussen zwou Froe beäntwert ginn:

1. Gëtt et en objektiven, vum Geschlecht onofhängege Facteur, deem dës Différence de traitement rechtfertegt?

2. Wann déi éischt Fro mat Jo beäntwert ka ginn, muss ee sech froen, ob dës Rechtfertegung appropriiert an noutwendeg ass, fir hiert Zil kënnen ze erreechen. Dat heescht, et muss ee sech froen, ob keng manner gravéierend Mesure oder Praxis zum selwechten Zweck kann agesat ginn.

Wat fir eng Rechtfertegunge kënnen hei virbruecht ginn? An hirer Proposition de directive huet d'europäesch Kommissioun Folgendes geschriwwen: „Des exemples objectifs qui pourraient justifier une dérogation au principe de l'égalité de traitement sont un réel besoin de la part de l'entreprise, la garantie d'un niveau social de subsistance minimale pour les personnes ayant un conjoint ou des enfants à charge

(...) ou bien des objectifs qui s'encadrent dans la politique sociale des Etats membres“.

Wéi ass et mam Uwendungsberäich vum Gesetzesprojet?

Am initialen Artikel 2 waren déi legislativ a réglementaire Bestëmmungen opgeléscht, wou dës Gesetzesprojet sech ugewannt hätt. An den Documents parlementaires si schonn Zweifelen opkomm, wat d'Vollstännegkeet vun där Lëscht ugeet. Mir wollten och als Kommissioun, datt, wann an Zukunft nei Gesetzzer oder Reglementer an dëser Matière dobäi kéimen, net vergiess géif ginn, dës Lëscht ze vervollstännegen. Aus deene Grënn ass den Uwendungsberäich ouni Referenz op existéierend Gesetzzer oder Reglementer definiert ginn.

Fakt bleift awer, datt déi am initialen Artikel 2 opgeléschten Texter natierlech an den Uwendungsberäich vun dësem Projet falen. Den Uwendungsberäich ass op zivil an administrativ Litigé limitéiert. Net betraff sinn d'Strofprozesser. Contrairement zum initialen Text sinn awer d'Procédures gracieuses, déi am Ufank ausgeschloss waren, mat agebonne ginn.

Wéi gesäit den Aménagement vun der Beweislaascht aus? D'Äntwert op déi Fro ass d'Kärstéck vun dësem Gesetzesprojet.

Den Artikel 3 gesäit vir, datt, wann eng Persoun sech diskriminéiert fillt - ob et eng Discrimination directe oder indirecte ass -, se da muss e Fait oder eng Serie vu Faiten erbréngen, déi eng Diskriminatioun présu-méiere loossen. Wann dës Faite bewise sinn, muss den Auteur vun der Diskriminatioun beweisen, datt a Realitéit keng Diskriminatioun stattfonnt huet. Dat kann en z. B. beweisen, andeems en eng Rechtfertegung virbréngt oder, am Fall vun enger Discrimination indirecte, beweist, datt kee méi groussen Undeel oder Prozentsaz vu Männer oder Frae betraff ass.

De Statsrot hat en anere Wuertlaut virgeschloen, deem awer net d'Systematik vun där Beweislaascht a Fro gestallt hätt. D'Kommissioun huet dës Propos net zrëckbehalen, aus zwou Ursaachen:

- engersäits ass den Text vum Artikel 3, deem d'Kommissioun ugeholl huet, d'wuertwärtlech Ëmsetzung vum Artikel 4 vun der Direktiv;

- anerersäits lehnt den Text vun dësem Artikel sech un de Mechanismus vun der Beweislaascht aus dem Gesetz vum 26. Mee 2000 iwwert d'sexuell Belästigung op der Aarbechtsplaz un.

D'Regierung, ënnerstëtzt duerch d'Kommissioun, ass net op de Wee gaangen, fir eng regelrecht Ëmkéierung vun der Beweislaascht an eise Rechtssystem anzubauen. D'Direktiv hätt sou eng Ëmkéierung zougelooss. An deem System hätt dat vermeintlecht Affer iwwerhaupt näischt brauchen ze beweisen.

Den Aménagement vun der Beweisläscht bedeit keng Revolution an eisem Rechtssystem. Op europäeschem Niveau huet den europäesche Gerichtshaff d'Richtlinn an dëser Matière gestallt. Sou hält en an engem Arrêt vun 1993 fest: „Dans une situation de discrimination apparente, c'est à l'employeur de démontrer qu'il existe des raisons objectives à la différence de rémunération constatée. En effet, les travailleurs seraient privés du moyen de faire respecter le principe de l'égalité des rémunérations devant la juridiction nationale si la présentation d'éléments permettant de révéler une discrimination apparente n'avait pas pour effet d'imposer à l'employeur la charge de prouver que la différence des rémunérations n'est pas, en réalité, discriminatoire“.

An engem Uerteel vu 95 gëtt e méi kloer: „La charge de la preuve (...) peut être déplacée lorsque cela s'avère nécessaire pour ne pas priver les travailleurs victimes d'une discrimination apparente de tout moyen nécessaire de faire respecter le principe de l'égalité des rémunérations“. Wat fir eng Discrimination apparente spille soll, muss nach méi an enger Situatioun vu verstoppter oder indirekter Diskriminatioun Uwendung fannen.

Eise Code civil kennt och déi sougenannt Présomptiounen. Et sinn nom Artikel 1349 Konsequenzen, déi d'Gesetz oder de Richter vun engem bekannte Fait op en onbekannte Fait zitt. An deem Sënn gëtt de Beweisobjekt, d. h. wat et ze beweise gëllt, an net onbedingt d'Beweisläscht, d. h. ween et ze beweisen huet, déterminéiert.

Mä d'Wuert Présomption kann och en anere Sënn hunn. Et geet net drëm festzeleeën, wat et ze beweise gëllt, vun engem bekannte Fait op en onbekannte Fait schlusszefolgeren, mä et geet drëm festzeleeën, ween eppes ze beweisen huet. Wann z. B. am Artikel 2268 vum Code civil gesot gëtt „la bonne foi se présume“, da geet et hei ëm d'Beweisläscht an net ëm de Beweisobjekt, deen duerch Présomptiounen kann abruecht ginn.

(Interruption)

Dat ass d'Doktrin!

(Interruption)

Wou géif dat net drästen?

Une voix.- Hei steet et net dran!

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Wou? Am Rapport?

(Interruption)

Ech kann Iech verweisen op den Här Ghestin, *Traité de droit civil, Introduction, Volume 1, Sait 618!*

(Interruption)

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Ech hat mech op déi Fro virbereet!

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Wann Dir dat sot! Ech gleewen awer méi dem Här Ghestin!

(Hilarité et interruption)

Ech kann Iech och op déi speziell Législatioun verweisen, wéi am Gesetz vum 24. Mee 1989, an de Litigen tëscht de Salarieën an den Employeuren. Och do läit den Aménagement vun der Beweisläscht vir! Also ass den Aménagement vun der Beweisläscht näischt Neies am heitege lëtzebuergesche Rechtssystem!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Direktiv 97/80 iwwerhëlt zu Recht de System, dee säin Ursprung an der Jurisprudenz vum europäesche Gerichtshaff huet. Et gëllt hei, den Afferen ze ermëglichen, hir Rechter geltend ze maachen. Dat gëllt et ze ënnerstëtzen. Wann ee Rechter huet, se awer net geltend ka maachen, dann huet d'Législatioun hiert Zil komplett verfehlt!

Ech géif Iech virschloen, dës Projet, sou wéi en Iech virläit, unzehuelen, a mat där breeder Zoustëmmung, hoffen ech, wéi dat an der Kommissioun de Fall war. Bei därselwechter Geleeënheet ginn ech den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischt Diskussiounsriednerin ass d'Mme Lydie Err agedroen. D'Mme Err huet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

M. Jos Scheuer (LSAP).- Dir musst lauschteren, wat d'Mme Err seet!

Discussion générale

Mme Lydie Err (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een elo seriö wier, da géif ee seng Blieder apaken a soen, wat ee stëmmt, an domat hätt et sech, well sou detailléiert wéi de Rapporteur hei de Projet virgestallt huet, bleift a sech näischt Neies méi ze soen! Vläch kann ee just probéieren, déi komplizéiert Saachen, déi en hei erklärt huet, mat engem Beispill ze erklären, fir dass och den Otto Normalverbraucher vläch versteet, vu wat mir hei schwätzen!

Zur Erklärung vun der Operatioun vun haut: Et geet ëm d'Transpositioun vun enger Direktiv - dat huet de Rapporteur gesot -, a wéi ëmmer mécht Lëtzebuerg de Minimum! Dat ass och keng Niegkeet, beson-

nesch net dann, wann et ëm Egalitéit tëscht Männer a Frae geet! Et geet ëm d'Transpositioun vun enger Direktiv iwwert d'Charge de la preuve en matière de discrimination basée sur le sexe, an et geet, wéi de Rapporteur et scho gesot huet, hei ëm direkt an indirekt Discriminatiounen. Déi Differenz ass duerch d'Jurisprudenz gekläert, an der Praxis awer vläicht nach e bësse méi einfach ze erklären duerch e Beispill. Ech wäert dorop zrëckkommen!

De Champ d'application...

M. Robert Mehlen (ADR).- Et ass ëmmer besser, wann een eppes un Hand vu Beispiller erkläert!

Mme Lydie Err (LSAP).- Jo, besonnesch wann een et dann och selwer besser versteet!

(Hilarité)

...- dat gouf hei och gesot -, den Droit civil, den Droit administratif, d'Procédure gracieuse: Dat ass en Addendum, souzesoen, vun der Kommissioun, deen ze begreifen ass, well dat ass en Elargissement vum Champ d'application. Den Droit pénal ass ausgeschloss. Dat ass zwar scho gesot ginn, ass awer derwäert, fir ënnerstrach ze ginn.

Wéi gëtt dat Gesetz an der Zäit ugewannt? E Mount no der Publicatioun am Mémorial. Wéi ass et mat der Application de la loi dans le temps? Gott sei Dank huet de Rapporteur eppes net gesot, wat ech wëlle hat ze soen, an zwar dass och dat hei, wéi ëmmer, e Projet ass ad minimis, d. h. dass d'Gesetz sech uwennt an deene Fäll, wou, nodeems dass d'Gesetz en vigueur ass, d. h. e Mount no der Publicatioun am Mémorial, net toiséiert gëtt, mä déi dann eréischt ufänken. Och dat ass net erstaunlech, wann et ëm Egalitéitsaachen zu Lëtzebuerg geet!

Wat scho gesot ginn ass, awer nach eng Kéier am Résumé vläicht interessant ass ze soen: Dat Gesetz applizéiert sech op de Secteur public an de Secteur privé! Et geet ëm d'Charge de la preuve, an am Prinzip ass et sou, dass et net duergeet, um Gericht Recht ze hunn. Et muss ee kënnen, fir e Prozess ze gewinnen, beweisen, dass ee Recht huet, an normalerweise ass et sou, dass een, wann een dat net beweise kann, da Pech hat, och wann ee Recht huet!

De Prinzip ass deen, dass deen, deen eppes behaupt, eppes muss beweisen. Dat ass eng normal Saach! Et gëtt Beispiller, och am lëtzebuergesche Recht, wou Exceptiounen op dëse Prinzip gemaach ginn, d. h. wou deejéinegen, deen eppes behaupt, net grad alles muss beweisen. En Tatbestand gëtt etabliert, an et kann ee mat Présomptiounen eppes feststellen, wouraus da geschloss ka ginn, no der Appréciation souveraine vum Richter, ob deem sou ass, wéi de Kläger dat behaupt!

Wat interessant ass, dat ass, dass mir Lëtzeburger relativ fréi schon, 1989, am Aarbechtsrecht de

Renversement, respektiv de Partage de la charge de la preuve agefouert hunn, an zwar am Fall, wou den Aarbechter oder Employé licenciéiert gëtt. Do geet et net méi duer, dass de Patron e licenciéiert, mä e muss déi Ursaachen, déi en invoquéiert, fir een ze licenciéieren, op Ufro bei normale Licenciementen a bei Licenciements ouni Préavis virbréngen. Dat heescht also: Wann den Entloossene klot, muss de Patron beweisen, dass d'Ursaache vun der Kënnegung stëmmen.

Dat war eng grouss Neiegkeet an eisem Rechtssystem, an zënter 1989 ass du gemengt ginn, dass, wa mer dës Ännerung vun der Beweisaascht a sou enger Fro duerchkritt hätten, mir dann iwwerhaapt kee Problem kéinte kréie mat der Transpositioun vun dëser Direktiv. Dat ass beispillsweis op engem Colloque 1990 zu Bruges iwwer Egalitéitsfroen gesot ginn. Eh ben, Lëtzebuerg ass ëmmer erëm fir eng Iwwerraschung gutt, besonnesch op dem Gebitt vun der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer! Et huet also vun 1989, wou mer dat heite fir d'éischt applizéiert hunn, bis 2001 - dat sinn 12 Joer - gedauert, bis mer souwäit komm sinn. Haut ass et sou, dass mer zwar souwäit sinn, mä och hei nach de Minimum maachen!

(Interruption)

Wat gelift, Här Weiler?

(Interruption)

Et kann een et ganz gutt realiséieren. Et hänkt just vum Beräich of!

1989 ass d'Deelung vun der Beweisaascht bei der Kënnegung duerchgaangen, d. h. op engem Gebitt, wou se eng Inzidenz huet op all Prozess, dee sech um Aarbechtsgericht ofspillt; duerchgaange wéi e Bréif op der Post. Soulaang et ëm all Mënsch geet, ëm Aarbechtsrecht goug et einfach; mä soubal wéi et ëm Frae geet, gëtt alles suspekt!

Ech erënnere just, fir déi, déi e bësse méi e kuerzt Gediechtnis hätten:...

(Interruptions)

...Mir hunn - d'Mme Wagener weess dat nach vläicht - beim Harcèlement sexuel - et ass nach net sou laang hier; et war d'lescht Joer, wann ech mech richteg erënneren, oder d'Joer virdrun; et sief dann - hei eppesch Diskussioun gehat, fir an deem Gesetz dat ze maachen, wat d'europäesch Direktiv scho fënnf Joer laang virgeschloen huet ze maachen. Haut ass et souwäit, dass mer d'Direktiv transposéieren; mä och wa mer d'Direktiv net géife formal transposéieren an eist Gesetz géifen ëmänneren, wier dës Direktiv als internationaalt Recht zu Lëtzebuerg applicabel.

Da kann ee sech ex post nëmme méi froen: Firwat dann dat ganz Gejäß, deemools, beim Harcèlement sexuel? Firwat hu mer 12 Joer gebraucht, fir haut e Gesetz ze kréien, wat en absolute Minimum ëmsetzt

2090

vun deem, wat an enger europäescher Direktiv, déi scho jorelaang als Recommandatioun besteet. Hätte mer et da gewollt? Mir hunn et natierlech, wéi ëmmer, net gewollt! Hätte mer net méi wäit solle goen?

(Interruption)

E konkret Beispill, fir lech ze soen, wat dat heiten ännert.

Et geet och an Zukunft net duer, bei enger Discriminatioun ze soen: Ech fille mech diskriminéiert an hätt gär, dass mäi Patron dofir condemnéiert gëtt! Ech verdingen net genuch! Wann elo eng Fra beispillsweis - well dat e Beispill ass, wat an der Praxis wierklechkeetsno ass - seet: Ech verdinge manner - huele mer beispillsweis eng Botzfra - wéi en onqualifizéierten Aarbechter, deem déi nämlecht Chargen huet, déi nämlecht Anciennetéit an Ausbildung wéi ech, da geet et duer, dass déi Aarbechterin an deem Fall beweist, dass si effektiv manner verdingt fir déiselwecht Ausbildung an eng ähnlech Aarbecht.

Doriwwer eraus brauch si net méi de Beweis ze erbréngen, dass si manner verdingt, well si eng Fra ass, mä de Patron muss an deem Fall beweisen, dass et objektiv Ursaache gëtt, aus deenen déi Differenz an de Salairé sech erkläert, an déi effektiv Ursaachen näischt mam Sexe vun deem engen an deem aneren ze dinn hunn!

Dat ass also keng revolutionär Geschicht, wat d'Beweisféierung ubelaangt. Et ass awer sou, dass et d'Charge de la preuve wäert vereinfachen. Et dierf een awer kengesfalls schwätze vun engem Renversement de la charge de la preuve, wéi dat ëmmer gemaach gëtt! Dat heiten ass beschteffalls, wéi mer dat iwwregens och am Gesetz iwwert den Harcèlement sexuel gemaach hunn, e Partage de la charge de la preuve!

(Interruption)

Et ass emol nach kee ganzen, jo!

Dofir hu mer et jo och, Här Weiler - an Dir sidd jo net als leschte mat schëlleg dorun -, net fäerdeg bruecht, beim Harcèlement sexuel de Volet pénal anzeschléissen, well an der Logik vun der Saach hätt mer dee Moment missen eng Enfreinte maachen op de Prinzip vun der Charge de la preuve vum Demandeur, och en matière pénale, an dat kënnt natierlech op engem Gebitt, wou et ëm d'Egalitéit geet, net a Fro! Mir waarden nach 10 oder 15 Joer, ...

(Interruption)

...bis mer bei enger anerer Geleeënheet kënnen eng Exceptioun maachen, an da maache mer et vläicht nach eréischt, wann Europa eis keen anere Choix méi léisst!

Dir Dammen an Dir Hären, et hätt een hei kënnen dovu profitéieren, fir eng Grimmel méi wäit ze goen an der Charge de la preuve u sech an e Renversement de la charge de la preuve hei ze envisagéieren. Mir si gewinnt, mat Solutiounen ze liewen, déi sou mann wäit wéi méiglech ginn. Et hätt een awer kënnen méi wäit goen an net nëmmen en anere Régime de la charge de la preuve hei maachen, wat d'Discriminatiounen tëscht Männer a Fraen ubelaangt, mä d'Discriminatiounen en général.

Dat wier eng Démarche gewiescht, déi sech imposéiert hätt, well et gëtt absolut keng Ursaach, déi erkläre géif, firwat een net soll fir een, dee behaupt, e wier par rapport zu engem anere Mataarbechter diskriminéiert wéinst senger Rass, senger sexueller Orientatioun oder engem Handicap physique ou psychique, déi ganz kleng Faveur, déi an dëst Gesetz iwwert d'Discrimination basée sur le sexe eragedroe ginn ass, op déi Fäll applizéieren. Och dat war leider net méiglech!

Et ass do net ëm d'Frae gaangen, mä ëm Gruppen, déi sécherlech net sou schrecklech wichteg sinn an der Duerstellung no baussen. Mir hätten et awer fäerdeg bréngen kënnen, eis a Kohärenz ze setze mat engem Gesetz iwwert d'non-discrimination, wat mer eréischt e puer Joer hunn, d'Loi Fischbach. Dat ass net méiglech gewiescht, obschonn ech et proposéiert hat. Ech hoffen, dass dat, wat komme muss oder kéint, net ze spéit kënnt, an ech ginn d'Hoffnung net op, dass mer iergendwann eng Kéier net nëmmen Europa nolafen, mä vläicht souguer e Schrëtt viraus sinn!

Merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Maggy Nagel agedroen. D'Mme Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems dann elo zwee Juriste probéiert hunn, dem Otto Normalverbraucher de Projet de loi hei ze explizéieren, géif ech och probéieren, vläicht méi einfach, datt mer dat awer haut iwwert d'Bühn kréien!

M. Robert Mehlen (ADR).- Vlächst versti mer et dann!

Mme Maggy Nagel (DP).- Ech wollt fir d'alleréischt dem Rapporteur Patrick Santer villmools merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. E war bis an de leschte Punkt detailléiert, an et ass ëmmer schlëmm, wann ee muss dono schwätzen, well dann ass et just nëmme méi eng Widderhuelung, mä dat ass ebe sou!

Duerch dëse Projet de loi solle mir déi europäesch Direktiv 97/80/CE iwwert d'Charge de la preuve am Fall vun Discriminatioun, déi op d'Geschlecht fondéiert ass, an eis Lëtzebuerger Gesetzgebung ëmsetzen. Dës Direktiv ass schonn de 15. Dezember 1980 vum europäesche Ministerrot adoptéiert ginn. Ech muss an

dësem Kontext nach eng Kéier ervirsträichen, dass e puer professionell Chamberen zu dësem Projet de loi Stellung geholl an och Propose gemaach hunn.

Verschiede Lëtzebuerger Gesetzter gesinn elo schonn heiansdo Aménagementter fir d'Charge de la preuve vir. Ech denken do haaptsächlech un d'Gesetz vum 24. Mee 1989 iwwert den Aarbechtskontrakt. Hei läit am Fall vun engem Licenciement d'Charge de la preuve beim Employeur, wann de Salarié de Sérieux, respetiv de Fondement vun de Motiver contestéiert, mat deenen den Employeur säi Licenciement begrënnt.

De Projet de loi, dee mir haut hei approuvéieren, gesäit och e gewëssenen Aménagement vun der Charge de la preuve vir. Am Artikel 4, Paragraph 1 vum Projet de loi ass dee Mechanismus preziséiert. Wann en Employé fënnt, dass bei him de Principe de l'égalité de traitement net respektéiert gouf, muss hie fir d'éischt virum Geriicht oder enger anerer kompetenter Instanz d'Materialitéit vun dëse Faiten nowiesen. Wann da befonnt gëtt, dass hei entweder eng direkt oder eng indirekt Discriminatioun virläit, dann ass et un där anerer Partei, d. h. der Partie défenderesse, fir ze beweisen, dass et keng Violatioun vum Prinzip vun der Egalité de traitement tëscht Mann a Fra gouf.

D'Egalité de traitement definéiert sech deemno als eng Absence de discrimination directe oder indirecte, déi sech op d'Geschlecht fondéiert. Et ass deemno kee Renversement de la charge de la preuve, well et ass awer nach ëmmer um Affer, fir d'Materialitéit vun de Faiten, déi eng Discriminatioun présuméieren, ze beweisen. Wann dann en eenzege vun dëse Faiten etabléiert gouf, dann ass et un där anerer Partei, fir ze beweisen, dass déi Différence de traitement sech net op d'Geschlecht baséiert, mä aner objektiv Kritären huet, déi indépendant vum Geschlecht sinn.

Dëst neit Gesetz applizéiert sech deemno an all Litige am Kader vun enger Procédure civile oder administrative aus dem privaten an öffentleche Secteur. Den Objet vum Litige ass entweder den Accès zur Aarbecht, d'Rémunératioun, Méiglechkeete vu Promotioun a professioneller Formatioun, den Accès zu enger Profession d'indépendant, d'Aarbechtskonditiounen oder déi professionell Regimer vun der Sécurité sociale.

Eis Lëtzebuerger Gesetzgebung offréiert deemno e Kader, duerch deen de Prinzip vun der Egalité tëscht de Fraen an de Männer garantéiert gëtt. Domat géif ech och scho schléissen an am Numm vu menger Partei den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech merci.

(Interruption)

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR).- Dir Dammen, Dir Hären, ech soen dem Här Santer merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir si fir all Measure, déi d'Chancegläichheet promouvéiert; mä mir stellen eis awer d'Fro, hei bei dëser Konventioun, ob déi wierklech néideg ass!

Ech mengen, mir kënnen net, wéi d'Mme Err et elo gesot huet, ëmmer enger europäescher Direktiv norennen. Mir hunn hei am Land ganz gutt Gesetzter wéi d'PAN-Gesetz an d'Gesetz iwwert den Délégué vun der Egalité des chances. Ech mengen, wann e Betrib sou en Délégué huet, an dee mécht seng Aarbecht ganz gutt - dovu gi mer jo aus -, da brauche mer net aner Gesetzter hei ze votéieren! Natierlech: Wann e seng Aarbecht net gutt mécht, ass dat eng aner Saach! Mä mir gi jo dovun aus, dass e seng Aarbecht awer gutt mécht.

Dofir menge mir, dass dat hei vläicht kéint kontraproduktiv sinn. Firwat kontraproduktiv? Well eben de Patron sech da wäert Froe stelle bei esou ville Gesetzter, déi kommen, ob en dann iwwerhaapt, an dësem Fall eng Madame, wëllt astellen, vu dass e vläicht Problemer kritt.

Ech mengen, all Gesetz, dat mer stëmmen, ass ëmmer e Gesetz fir d'Minoritéiten an de Grëff ze kréien. Et ass ëmmer deen een oder anere Patron, deen e Feeler mécht an dofir mussen mer e Gesetz maachen, fir eng Majoritéit ze schützen. An dësem Fall wier d'Majoritéit d'Fraen, awer déi géifen da vläicht net méi agestellt ginn. Mme Minister, Dir misst vläicht an déi Richtung kucken.

Fir eis awer ass d'Chancegläichheet nëmme garantéiert, wann zum Beispill eng Fra, déi am Privatsecteur eng bestëmmten Aarbecht mécht, an eng aner Fra, déi am öffentleche Secteur déiselwecht Aarbecht mécht, déiselwecht Rémunératioun kréien. Dat ass fir eis Chancegläichheet an ech mengen, dorobber misste mer hischaffen.

Duerch déi Restriktioun wëll ech mech bei dësem Projet de loi enthalen an ech biede meng Fraktioun datselwecht ze maachen, an der Hoffnung awer, Mme Minister, datt mer an Zukunft net méi esou vill Gesetzter hei kréien, wou mer eis als Männer müssen d'Fro stellen, ob mer esou schlecht si par rapport zu de Fraen, well ee jo permanent d'Impressioun kritt, datt d'Männer d'Fraen diskriminéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, spéitstens zënter 1981 gëllt an Europa de Prinzip gläiche Loun fir gläich Aarbecht, a méi allgemeng gläichen Accès vu Fraen a Männer zur Aarbechtswelt an och d'Gläichbehandlung vu Fraen a Männer an dëser Aarbechtswelt.

Och zu Lëtzebuerg ass d'Praxis awer leider eng aner. Ee Fall, dee mir nach ganz gutt an Erënnerung bliwwen ass, fir dat ze illustréieren, ass dee vun enger Botzfra, déi an der Gemeng Péiteng viru Joren e Prozess gefouert huet géint d'Gemengeverwaltung, well et do Diskriminatiounen gi sinn.

Deeselwechte Fall huet sech e bësse méi spéit méi allgemeng gestallt bei de Südgemengen, well et do e Kollektivvertrag gëtt, an do waren eng ganz Rei vun Diskussiounen, déi schlussendlech vun der Beete-buerger Gemeng opgegraff gi sinn. Do hu sech d'Botzfraen dergéint gewiert, dass si méi schlecht bezuelt gi sinn, wéi hir männlech Kolleegen, déi beim Hygienendéngscht geschafft hunn. An zwar war dat folgendermoossen: D'Frae sinn an eng Carrière agestuft ginn, déi méi niddreg war, a si kruten och d'Primmen net, déi d'Männer kritt hunn. Dat huet dozou gefouert, dass et zu Lounënnerscheeder komm ass bis zu 23.000 Frang de Mount. Et war also net näischt, an et stong natierlech net an deem Kollektivvertrag, dass d'Frae géifen d'office manner verdéngen, mä et goufen einfach spezifesch niddreg Lounggruppen, wou d'Botzaarbecht dra klasséiert war, mat méi schlechten Opstiegsoméiglechkeeten, an et gouf eng aner Handhabung vun de Primme fir dës Lounggrupp. Vu dass mer, wéi mer jo all wëssen, eng Segregatioun an der Aarbechtswelt tëschent Fraen a Männer hunn, waren natierlech hei zu 99 % Frae betraff.

Dank dem Asaz vun de Fraeboptraagte vun der Gemeng Beetebuerger huet dunn de Gemengerot beschloss, beim Aushandele vum nächste Kollektivvertrag vun de Südgemengen sech dofir anzesetzen, dass do eng eenheetlech Astufung an eng Gläichbehandlung bei de Primme géif kommen.

Ech huelen un an ech hoffen, dass entre-temps déi Saachen all geregelt sinn. Ech weess, dass solle stufeweis déi Saachen erëm an d'Rei bruecht ginn.

(Interruption)

Här President, ech héiere mat Freed, dass dat anscheinend och de Fall ass.

Wat huet dat alles mam virleiende Projet de loi ze dinn? Ganz vill, mengen ech, well dat net Gesetz, dat mer haut hei stëmmen, wäert deene Fraen, déi duerch ähnlech Situatiounen diskriminéiert ginn, méi Instrumenter ginn, fir sech ze wieren.

Leider ass et awer dobäi oft esou, dass et sech net ëm Kollektivverträge handelt, well do ass et relativ

einfach iwwert de Wee vun de Gewerkschaften aktiv ze ginn, mä et gëtt ganz vill Fäll, wou Fraen oder och Männer individuell benodelegt ginn, an dann ass et oft ganz schwéier nozeweisen, dass de Patron aus geschlechtsspezifesch Grënn seng Employéen ënnerschiddlech behandelt, sief et a Saache Loun oder Primmen, wéi ech elo grad gesot hunn, oder bei Opstiegsoméiglechkeeten, bei Aarbechtzäitregulierung oder Kënnegungen.

Der EU war déi dote Saach wichteg genuch, fir 1997 eng speziell Direktiv festzehalen. Ausgangspunkt war dobäi d'Tatsaach, dass den europäesche Geriichtshaff zënter 1989 ëmmer erëm esou Fäll ze klären hat, an deenen ugestallte Fraen hire Patrone virgeworf hunn, datt se géife wéinst hirem Geschlecht diskriminéiert ginn. De Problem war dobäi all Kéiers eben d'Beweislaascht, well nom gängige Recht huet d'Klägerin missen d'Beweiser fir déi Diskriminéierung bréngen. De Patron huet dann oft wirtschaftlech Argumenter an d'Feld gefouert, fir eng ënnerschiddlech Behandlung.

E wichtige Punkt war, menger Meenung no deen, dass d'Klägerin oft guer net d'Moyenen hat, fir Preuve ze bréngen, well se jo net un déi betribsinternen Ënnerlage konnt kommen, déi dës Diskriminéierung hätte kënne beleeden.

Dofir ass de Geriichtshaff och schonn uganks den 90er Joren op de Wee gaangen, fir d'Beweislaascht ëmzedréinen an och vum Patron Preuvë fir seng Argumentatioun ze verlaangen, dass keng Diskriminéierung géif virleien.

A schliesslech gouf dann och 1997 eng entsprecheend Direktiv verabschiedet, an ech sinn e bëssen erstaunt, wa mäi Virriedner elo hei gemengt huet, Lëtzebuerg sollt déi net ëmsetzen. Esou wäit wéi ech verstanen hunn, liewe mer an der Europäescher Unioun, wou Direktive gefällegst ëmzesetze sinn a wou een net nach laang kann driwwer nodenken, ob een dat mécht oder net. A souguer wa mer et net géife maachen, wier dat awer e gültig Recht.

Eréischt am Oktober 2000 allerdéngs huet d'Lëtzebuerger Regierung e Gesetzestext an deem Sënn virgeluegt, deen dat géif a Lëtzebuerger Recht ëmsetzen. A wéi eis Chancegläichheetskommissioun mat hiren Aarbechten ugefaangen huet, war am Fong schonn den Termin erëm längst laanscht, fir déi Direktiv ëmzesetzen, well dat hätt eigentlech scho missen den 1. Januar geschéien, esou dass mer effektiv, wéi d'Mme Err et och scho virdu gesot huet, erëm eng Kéier ganz schéin hannendru lafen.

Et stellt een awer fest, datt eis Aarbechtsphas an der Kommissioun ganz kuerz war an dass eigentlech en allgemenge Konsens festzestellen war. Et gouf am Fong just déi Fro opgeworf, déi d'Mme Err virdrun ugeschnitten huet, ob een net och misst aner Diskri-

minéierungen do touchéiere wéi just déi vum Geschlecht, ob et net och misst zum Beispill d'Hautfaarf, d'sexuell Identitéit oder d'ethnesch Hierkonft sinn, ob dat net och Diskriminéierung wäeren, déi ee mat deem heite Gesetz kéint bekämpfen.

Allerdéngs, esou wäit wéi ech mech erënneren, gëtt et eng aner Direktiv dozou, déi sech méi allgemeng mat Diskriminéierungen op der Aarbechtsplaz befaasst, an déi huet Lëtzebuerg och nach ëmzesetzen. Ech hat gemengt ze verstoen, dass do soll eng Récksprouch mam Aarbechtsministère stattfannen an dass dee Problem da wahrscheinlech iwwert de Wee vun där Direktiv geléist gëtt. Vläch kënne mer herno nach Opklärung vun der Mme Ministerin kréien.

Hannert de Kulissen, Här President, huet een dunn awer zu Ouere krut, datt kuerz viru Schluss eng ganz Rei vun Diskussiounen ronderëm dëse Projet de loi anscheinend entstanen sinn. Et solle Bedenke gi sinn, fir dee Projet hei iwwerhaupt zur Ofstëmmung ze bréngen. En hätt souguer sollen ee Moment erëm vum Ordre du jour geholl ginn, an dat haaptsächlech vu Säite vun der demokratescher Fraktioun, well Problemer do wäeren. Ech kann och do nëmme staunen, well ech elo grad erkläert hunn, dass dat eigentlech näischt fuerchtbar Neies ass, wat mer hei maachen, an ech géif och mengen, wa mer op dee Wee gaange wäeren, géife mer eis net nëmme lächerlech maachen, well de Stadium vun der inhaltlecher Diskussioun ronderëm d'Charge de la preuve souwuel um internationale wéi och um nationale Plang ofgeschloss ass. Mä ech mengen, et wier och politesch wierklech net ze verrieden, wann zu Lëtzebuerg esou e wichtige Schrëtt a Richtung Gläichstellung an der Aarbechtswelt géif verpasst ginn.

Dofir, wéi gesot, Här President, mäin Erstaunen driwwer, dass do anscheinend Leit bei der DP fonnt hunn, dat géif net de gängige Rechtsnormen entsprechen.

Här President, ech hat am Ufank e Beispill gi vun de Botzfraen, fir déi Problematik hei ze illustréieren. Dee Problem vun de Botzfrae gëtt et an de Südgemege vläch elo net méi. Et gëtt en awer nach op villen anere Plazen am Land. Verschidde Gemengen hunn och ugefaangen, do aktiv ze ginn, net zulescht mäi Kolleg Camille Gira, deen a senger Gemeng déi Saach ënnert d'Lupp geholl huet an Ännerungen do wëllt maachen. Mä ech mengen, datt misst systematesch an alle Gemengen emol gekuckt ginn, wéi d'Situatiounen sinn.

Ech menge mech zum Beispill ze erënneren, datt an der Stad Lëtzebuerg ëmmer eng speziell Kategorie existéiert huet fir d'Botzfraen. Ech weess net, ob dat haut nach esou ass. Do misst een och vläch emol vergläichen, wéivill dass déi Frae verdéngen a wéivill Primme se kréien - Schmotzprimmen an anerer - par rapport zu hire männleche Kollegen, déi beim Hygie-

nendéngscht schaffen. Et wier sécherlech wichteg an och eng Aufgab fir déi kommunal Chancëgläichheetskommessiounen, fir sech emol mat deene Froen ze befaassen. Niewent de Gemege gëtt et och de Stat als Patron. Vläch misst ee sech och do déi Fro stellen.

Här President, vläch ass dat Gesetz, dat mer haut stëmmen, méi konkret, wéi mer mengen, en Instrument fir Gläichberechtigung hierzustellen, dann nämlech, wa vläch eng Kéier de Stat oder d'Gemengen als Patron viru Geriicht mussen d'Preuve liwweren, dass si Fraen net op Grond vun hirem Frasin diskriminéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk). - Lëtzebuerg huet sech oft schwéier gedoe mat de Moosnamen, déi agefouert gi sinn, fir d'ongläich Behandlung tëschent Mann a Fra ofzeschaffen. Ech wëll just erënneren un dee Krampf, deen existéiert huet, fir duerchzesetzen, dass, wann iwwer Zeitungsannoncë Personal gesicht ginn ass, hannert de Beruff „m/f“ huet misse gesat ginn, dass fir déi Annoncë sech souwuel Männer wéi Frae kéinte bewerben.

Dëse Gesetzesprojet, deen zréckgeet op eng EU-Direktiv, gëtt am allgemengen heibanne begréisst, besonnesch well e jo eng Rei vu Virdeeler bréngt fir d'Fraen, oder wéinegstens d'Méiglechkeet geschaaft gëtt, éischter ze reklaméieren, wa bei der Entlounung net déiselwecht Behandlung a Betriber gemaach gëtt bei gläicher Aarbecht, well jo dann de Patron de Bewäis muss bréngen, dass esou eng Diskriminéierung net géif stattfannen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass déi formal Gläichberechtigung vu Mann a Fra vläch net ëmmer zum Virdeel vun der Fra ass, zum Beispill bei der Aféierung vun der Nuetsaarbecht. Wann een do vu gläicher Behandlung schwätzt an domadder dann d'Méiglechkeet huet, d'Fraen zur Nuetsaarbecht a Betriber ze forcéieren, dann ass dat net onbedéngt e Virdeel fir si. Grad esou wéi den Zougank zu verschiddene militäreschen Beruffer, wou och ënnert dem Virwand vun der Gläichberechtigung vun der Fra elo verschidde vun deene Beruffer sech duerchgekämpft hunn, wou ech awer mengen, dass dat net onbedéngt e Virdeel fir déi Frae bréngt, déi elo zum Beispill Zougank hunn zu der kämpfender Trupp.

Et gëtt gesot, dëse Gesetzprojet géif sech haaptsächlech op d'Aarbechtsrecht bezieen an dofir op d'Gläichberechtigung an de Betriber. An de Betriber gëtt et och Walen an d'Fro, déi ee sech ka stellen, ass, ob net op deene Wallëschten elo d'Méiglechkeet geschaaft gëtt, fir d'Aféierung vu paritétesche

Lëschten, dass eventuell eng Kandidatin, déi als Fra op enger Lëscht net berücksichtegt ginn ass, dogéint ka reklaméieren. Ech weess net, watfir eng Äntwert een op esou eng Méiglechkeet gëtt, mä et schéngt mer, wéi wa bei der Applikatioun vun dësem Gesetzesprojet nach eng Rei vu Komplikatiounen an der Praxis wäerte virkommen an dass doduerch d'Affekote vläicht nach zousätzlech Aarbecht kréien.

Dat wäert mech awer net drun hënneren, Här President, fir dëse Gesetzesprojet ze stëmmen.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger freet nach d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir enger Virriednerin hei um Pult ze äntwerten, muss ech awer soen, dass d'Demokratesch Partei absolut kee Problem huet, dëse Gesetzestext ze stëmmen. De Spriecher vun der Demokratescher Partei, d'Mme Maggy Nagel, huet dat ganz klor gesot an eis Memberen an der zoustänneger Kommissioun, déi waren och absolut d'accord mat deem Text, well politesch ass et jo onméiglech, fir géint esou en Text ze sinn.

Mir si fir de Prinzip, mir si géint d'Diskriminatioun. Selbstverständlech si mir fir de Prinzip vun der Gläichstellung, vun der Egalité de traitement an dofir kann ech absolut net verstoen, dass mir elo sollen hei de Reproche gemaach kréien, dass mer dëst Gesetz net stëmme wäerten.

Wat gesot ginn ass am Virfeld - an dat hunn aner Juriste gesot; do musse mer net onbedéngt d'Demokratesch Partei mat eranzéien -, dat krute mer och virgeworf vun enger Rei vu Juristen d'lescht kéier, wéi mer d'Gesetz iwwert den Harcèlement sexuel hei gestëmmt hunn, dass mer géifen allgemeng Rechtsprinzipien, déi iwwer 200 Joer Gültgekeet hätten, iwwert de Koup geheien duerch de Renversement de la charge de la preuve.

Et si virdru Juristen hei opgetrueden, déi gesot hunn, dat wär net esou. Ech gi mech gären domat zefriden a wëll just nëmme soen, dass hei steet, dass beim Non-respect vum Principe de l'égalité, wann dee bis établiert ass, déi aner Persoun de Bewäis muss bréngen, dat heescht eng Preuve négative, „qu'il n'y a pas eu violation du principe de l'égalité de traitement“. An nonobstant all Jurisprudenz an international Doktrin ass et fir mech ëmmer nach sou, dass deejéinegen, deen en aneren accuséiert - well mir sinn net am Droit pénal, mä en matière administrative et en matière civile -, de Beweis vum Fehlverhalten erbréngen muss.

Ech wënschen all eise Frënn a Frëndinnen, déi Buergermeeschter a Schäffen an de Gemenge sinn, fir an der zukünftiger Applikatioun vun dësem Text sech erëmzefannen, mä et ass fir mech awer e Renversement de la charge de la preuve. Do kommen ech net

ëmhin. Ech muss en negative Bewäis bréngen. Ech muss beweisen, dass e Fait net stëmmt, an déi Preuve ass, menger Meenung no, relativ schwéier oder guer net ze erbréngen.

Ech wollt dat nëmme soen, et ka jo och emol e Jurist, deen nëmme e Wénkelaffekot ass, vläicht esou eng Notioun hei erabréngen an esou eng Meenung hei vertrieeden, well mer effektiv no der Adoptioun vun dem Text iwwert den Harcèlement sexuel leider och vun namhafte Juristen dee Reproche gemaach kritt hunn. Dofir wollt ech dat hei an der Debatt soen, wëll awer virun allem dee Reproche, deen un eis Fraktioun gemaach ginn ass, wäit ewech weisen. Mir wäerten unanimement dësen Text stëmmen. Mir si fir de Prinzip a mir wäerten och no deem Prinzip dat Gesetz stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Minister Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass d'Chamber, knapp siwe Méint nodeem dee Projet hei deposéiert ginn ass, haut iwwert d'Bewäislaascht am Fall vun Diskriminéierung opgrond vum Geschlecht diskutéiert an, esou wéi et ausgesäit, dee Projet wäert stëmmen.

Et ass net nëmme, fir eng Direktiv ëmzesetzen, wou mer géife riskéiere vu Bréissel ënner Drock ze kommen, mä ech denke virun allem, dass et ee wichtegt Instrument ass an eng aussergewöhnlech Chance duerstellt am Beräich vun der Gläichheet tëschent Fra a Mann an der Aarbechtswelt, a mer konkret do e Stéck méi wäit komm sinn.

Ech flichten all deene bäi, déi gesot hunn, dass mer eis schwéier d' mat der Ëmsetzung hei zu Lëtzebuerg an ëmmer laang oder relativ laang Zäit brauchen - an deenen enge Fäll méi laang wéi an deenen aneren -, bis mer dat ëmgusat hunn. Et ass ee Kampf, deen eigentlech mäin alldeeglecht Brout ass. Dofir ass een ëmsou méi frou, wann een emol eng kéier d'Satisfactioun huet, dass een nëmme siwe Méint hannendran ass, amplaz dass een 10 Joer hannendran ass. Mëttlerweil geet dat jo net méi, well da misste mer staark Strofe bezuelen.

Ech géif virun allem awer wëllen dem Patrick Santer als Rapporteur merci soen an e félicitéieren: Hien ass mëttlerweil eise Spezialist ginn an der Chancëgläichheet. Ech als Carla Normalverbraucherin - vu dass ech net den Otto Normalverbraucher sinn, mä d'Carla Normalverbraucherin - muss soen, dass een net ëmmer alles dat kann novollzéien, wat déi eminent Juristinnen a Juristen diskutéieren, mä awer sécher ëmmer instruktiv ass, fir et ze verstoen oder weinegstens ze probéieren, et ze verstoen.

Ech ginn net am Detail nach eng Kéier drop an a wëll just zwee Punkten ënnersträichen: D'Opdeelung vun der Bewäislaascht tëschent dem Affer an deem sengem Vis-à-vis, an dat besonnesch am Beräich vun der Aarbecht; dass mer och konnten op de Wee goe vum Conseil d'Etat, dee gesot huet, et wier geféierlech, wann ee géif ufänken, eenzel Gesetzer opzezielen, an dass een am Fong erëm all Kéiers hätt missen nei légiféréieren, wann eppes Neies derbäi komm wär. Virun allem ass et gutt, dass déi Gesetzer, déi elo net extra dran opgezielt sinn, wéi zum Beispill de Mutterschutz oder de Congé parental, dorënner falen.

Wann ee gesäit, dass mer zu Lëtzebuerg nach ëmmer an enger Gesellschaft liewen - an ech mierken dat ëmmer -, wou gesot gëtt: Dat do sinn am Fong esou Projeten, déi riskéieren, dass herno d'Frae manner Chancen hu wéi d'Männer, da gesäit een, dass mer eigentlech komesch ëmgi mat deene Leit, déi Kanner kréien. D'Kannerkréien ass de Fortbestand vun enger Natioun, a wann ee sech nach bal muss entschëllegen oder dat ugesi gëtt, wéi wann dat engem seng privat Affär wär, dann hu mer nach eng Partie op deem Niveau nozehuelen, well déi Aussoen alleguer awer net kënnen der Realitéit entsprechen, mä wat awer dacks trotzdeem de Fall ass.

Mer hoffen, dass mat dëser Direktiv all déi Ongläichheeten an all déi Diskriminatiounen, wat den Zougank zur Aarbecht, d'Gehalts- an d'Promotiounsméiglechkeeten, d'berufflech Ausbildung, d'Aarbechtsbedingungen an och d'Regimer an der Sécurité sociale ungeet, heimat ofgedeckt sinn.

Den zweete Punkt ass déi indirekt Diskriminéierung. Et huet och dëser Direktiv gebraucht, fir iwwerhaupt emol en europäeschen Text ze kréien, deen dat definiert huet, a wou mer dat mat dësem Gesetzesprojet iwwerhuelen. Dat heescht eng indirekt Diskriminéierung besteet, esoubal wéi eng Regel, e Kritär oder eng Praxis, déi zwar den Uschäin vun der Neutralitéit hunn, wat awer net heescht, dass do eng Gläichstellung tëschent Männer a Frae besteet, well den Undeel vun de Frae méi grouss ass wéi dee vun de Männer. Dat ka selbstverständlech och den ëmgedréinte Fall sinn, an, Här Colombero, et gëtt zum Beispill och Aarbechtsplazen - ech denke besonnesch un d'Spideeler -, wou d'Männer dacks an der Minoritéit si vis-à-vis vun de Fraen. Dat spillt selbstverständlech op deenen zwou Säiten, net nëmmen op der Säit vun de Fraen.

D'Schwierigkeet ass natierlech dacks, fir dat och ze beweisen, besonnesch fir den Arbeitnehmer, fir do mat Statistiken ze kommen. Et ass zu Recht hei ervirgehuewe ginn, dass d'Gesetz iwwert d'Chancëgläichheedsdelegéierten eng wichteg Roll spillt, wou am Artikel 3 virgesinn ass, dass d'Entreprisë mussen all Semester dem Personaldelegéierte Statistike ginn, déi

no dem Geschlecht ventiléiert sinn, wat de Recrutement, d'Promotioun, d'Mutatiounen, d'Entloossungen, d'Gehälter an och d'Virubildung vun der Belegschaft betrëfft.

D'Direktiv gëtt keng Prezisioun, wat eng „proportion nettement plus élevée de personnes d'un sexe“ duerstellt, ob 60 % duerginn oder et 70 % mussen sinn, dat ass och an Zukunft de Geriichter iwwerlooss, wéi se dat feststellen. Och den europäesche Gerichtshaff geet vu verschiddenen Elementer aus. De Patrick Santer huet déi opgezielt, déi als objektiv Facteure kënnen gëllen, zum Beispill ekonomesch Iwwerleeungen, déi een Arbeitgeber derzou féiere kënnen, fir d'Flexibilitéit vu sengen Aarbechter ze belounen, entweder duerch méi flexibel Aarbechtszäiten oder och Aarbechtsplazen. Dat ass den Arrêt Dannfoss gewiescht. Déiselwecht Iwwerleeung kann et och engem Employeur erlaben, engem Mataarbechter méi en héicht Gehalt auszebezuele wéi engem aneren, doduerch dass dee ka méi eng grouss Virubildung opweisen, virausgesat, dass déi Virubildung wichteg ass fir d'Ausübung vu sengen Tächen an deem Betrib.

Hei bleift elo de Lëtzeburger Gerichter op, fir am eenzelne Fall ze entscheiden opgrond vun deene spezifesche Bedingungen, ob dat objektiv Elementer sinn oder net. Wichteg ass virun allem, dass déi eenzel Acteure wëssen, dass dat hei Gesetz besteet, sougutt d'Gewerkschaften wéi d'Patronen, d'Affekoten, d'Riichter an natierlech och déi betraffe Leit selwer.

Mir hunn de Mëtteg eng Rei vu Beispiller héieren, ob et d'Botzfrae vun der Gemeng Péiteng waren oder d'Botzfrae sinn, déi an der Gemeng Bieckerech besser solle gestallt ginn. Do mierke mer, dass et net nëmmen d'Patrone sinn, mä dass mer nach vill Nohuelbedarf bei de Gewerkschaften hunn an et och elo Zäit gëtt, dass och do een anere Wand bléist, well dat sinn alles Kollektivverträge, déi ofgeschloss gi sinn, wou och net dono mat grousser Begeeschterung gekuckt gouf.

Mir sinn hei bei deem bliwwen, wat d'Direktiv virgeschriwwen huet. Mir sinn net doriwwer erausgaangen, an d'Mme Err huet drop higewisen, dass een och duerchaus hätt kënnen méi wäit goen, sougutt beim Renversement vun der Charge de la preuve, wéi och beim pénale Volet. Dat ass net zrëckbehale ginn. Si huet och gefrot, firwat dass mer déi Diskriminatioun vis-à-vis vu Gruppen net mat hei erabruecht hätten. Mir haten eis do berode mat dem Aarbechtsministère, wou mer gesot kritt hunn, si géifen déi Direktive selwer ëmsetzen a sech och do un d'Datumen hale vun der Direktiv, esou dass ech hoffen, dass dee Schrëtt och an nächster Zukunft ka gemaach ginn.

Merci villmools.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4707 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4707.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 52 Stëmme bei 7 Abstentounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Ady Jung), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4740 iwwert de Statut vun der Agence internationale de l'énergie atomique. Et si bis elo agedroen: d'Häre Wiseler, Fayot, Huss a Bisdorff. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

6. Projet de loi 4740 portant approbation

- de l'Amendement de l'article VI du Statut de l'Agence Internationale de l'Energie Atomique
- de l'Amendement de l'article XIV du Statut de l'Agence Internationale de l'Energie Atomique,

approuvés par la Conférence Générale de l'A.I.E.A., le 1^{er} octobre 1999

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir hunn et hei mat engem Gesetz ze dinn, wou a sech zwee Amendementer ëmgesat ginn, wat de Statut vun der internationaler Atomenergieagence ugeet. Dat Gesetz ass den 18. Dezember déposiert ginn. De Statsrot huet de 6. Februar 2001 säin Accord zu deem Gesetzesprojet ginn.

Ëm wat geet et bei deem Gesetz?

Et sinn zwee Amendementer reng technescher Natur: Den éischten Amendement soll d'Zesummesetzung vum Conseil des Gouverneurs vun dëser Agence ofänneren; den zweeten Amendement soll de Kalenner änneren, wat den Dépôt vum Budget ugeet.

Den éischten Amendement ass zustane komm op Grond vun enger Demande vun Entwécklungslänner, haaptsächlech den arabeschen an den afrikanesche Länner aus dem Mëttleren Orient, déi gemengt hunn, si wieren an deem Conseil ënnerrepresentéiert an dofir verlaangt hunn, dass d'Memberzuel sollt eropgoen. Dat ass eng Affär, déi scho 25 Joer laang dauert, an elo ass emol e politeschen Accord zustane komm, deen awer nach guer kee prakteschen Effet huet, well dat, wat dann elo ëmgesat gëtt, trëtt eréischt a Kraaft, wann déi Länner aus dem Grupp Mëttleren Osten a Südasien sech eens sinn, fir och Israel, dat an deem Grupp dran ass, an hire Grupp ze integréieren. Do sinn all déi arabesch Länner dran an déi schéngen net vill mateneen ze diskutéieren. Eréischt wa se mateneen diskutéieren an eens sinn, dann trëtt deem Amendement a Kraaft.

Am zweeten Amendement geet et ganz einfach drëm, datt de Projet de budget elo all zwee Joer ënnert d'Lupp geholl gëtt, gläichzäiteg mam Aktivitéitsprogramm vun der internationaler Atomenergieagence. Domat gëtt dann all zwee Joer de Budget gläichzäiteg an dem Aktiounsprogramm festgehalen.

Dat war et schonn. Ech géif lech dofir invitéieren, deem Projet Är Zoustëmmung ze ginn a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.